

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„Et ass eis zu Ouere komm, datt op verschiddene soziale Medien een Opruff gemaach gëtt fir d'nächst Woch un enger Covid-Demonstratioun virum Spidol Robert Schuman um Kierchbiereg deelzehuelen.*

*Ofgesinn dovunner, datt dëst inakzeptabel vis-à-vis vun dem ganze Gesondheets- a Fleegepersonal ass, dat zanter bal zwee Joer un éischer Front am Kampf géint d'Pandemie steet, wéilte mir an deem Kader dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

- *Huet den Här Minister scho vun dësem Opruff op de soziale Medien héieren?*
- *Gouf dës Manifestatioun schonn iwwer den offizielle Wee bei den zoustännegen Autoritéiten ugemellt?*
- *Wéi reagiert de Här Minister vis-à-vis vun dem Opruff virun enger Klinik ze demonstréieren, besonnesch mam Wësse wéi d'Manifestatiounen an de leschte Wochen ofgelaf sinn ?*
- *Ass den Här Minister och der Meenung, dass zu all Moment am Land d'Accèsen an d'Zoufaartsweeër zu de Klinicken, mee och zu anere wichtige Rettungsdéngschter an Unitéiten net duerch Manifestatiounen dierfe perturbéiert ginn?*
- *Wäert an deem Kader also séchergestallt ginn, datt den Accès zum Spidol fir d'Patienten an d'Rettungsdéngschter zu all Moment garantéiert bleift?“*



DEMOKRATESCH  
PARTEI


Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, consisting of several overlapping loops and a horizontal line at the bottom.

Claude LAMBERTY  
Deputéierten

A handwritten signature in blue ink, featuring a stylized 'C' and 'H' followed by a horizontal line.

Carole HARTMANN  
Deputéiert